

An et geet!

Ee ganz séchert Zeechen, datt mat eiser Sprooch 'eppes lass' ass, dat sinn **d'Iwwersetzungen** aus aneren, d'meescht héige Kultursproochen eran an d'Lëtzebuergesch. Hei spiert een ower, datt net alles iwwersetzbar ass, wat och an deene Sproocher selwer op engem ieweschten Träppleek steet.

Et huet kee Wert, ze probéieren, dem Goethe säi 'Faust 2', dem Proust säin 'À la recherche du temps perdu', dem Rilke seng 'Duineser Elegien' op Lëtzebuergesch ze iwwerdreien... ower de Rodange huet gewisen, wat een z. B. mat dem J. W. v. Goethe sengem 'Reineke Fuchs' ufänke kann... wann een et kann!

Dem **Marcel Reuland** säi 'Summernuecht-Dram' oder 'd'Spill vun der Bidden', dat si Musterstécker vun Upassungen a Sproochgefill aus dem Engleschen an d'Lëtzebuergesch... och wann ee leider muss soen, datt deen talentéierten Auteur heiansdo méi oppen hätt kënne soen, wou hien säi «Fong» hier hat. Dem Saint-Exupéry säi 'Petit Prince' ass am **Josy Braun** senger lëtzebuergescher Versioun eng Gellegt ginn. De **Roger Manderscheid** huet brillant gewisen, wat een aus dem Alfred Jarry sengem 'Ubu Roi' op Lëtzebuergesch ka maachen... wann ee Fangerspëtzegefill fir Sprooch(en) huet!

Sech selwer luewen, dat 'mippst'. Zevill Schimmt ass ower och net gutt! Fir meng Lëtzebuergesch Fassong vum Jean de la Fontaine senge Fabelen krut ech vun enger Partie Sproocheprofesseren (Leopold Hoffmann, Raymond Schaack, Jean-Pierre Kraemer, Gaston Scheidweiler asw.) décke schrëftleche Luef; e bekannten Affekot huet mir esouguer geschriwwen, hien hätt ni geduecht, datt dat an senger Mammesprooch méiglech wier. Deen Iwwersetzer-Exercice (souguer fir Tintin an Asterix) ass net einfach, mä et mécht onheemlech Freed, fir op dës Manéier mat eiser Sprooch ze jongléieren an eng kleng Unerkennung ze kréien.

Dës Deeg gi mir da mat grousser Freed gewuer, datt **ee vun eise beschten Intellektuellen, de Professor Guy Wagner**, sech un eng Iwwersetzung gemaach huet, déi hie selwer esouguer vläicht vrun 30 Joer fir absolutt onméiglech gehal hätt. Den Här Wagner huet dem Samuel Beckett seng 'Fin de partie' an d'Lëtzebuergesch iwwerdreien; de Beckett selwer huet säin Theaterstéck gelungenerweis am Original op Franséisch geschriwwen... an et duerno op Englesch ('Endgame') iwwersat; dat ass dach bal de 'Kick' gewiescht, fir sech un eng Iwwersetzung an d'Lëtzebuergesch erun ze maachen. Elo ass dat – als 'Endspill' – geschitt, an den Escher Theater huet et an excellenter Besetzung bruecht!

Dir haalt vläicht net sënnerlech vill vun Iwwersetzungen; anerer rënschelen d'Nues an zitieren den italiéinesche Sproch 'traduttore traditore', wat soe wëllt, **en Iwwersetzer wier e Verréider**. Wouriwwer ee laang a breet an déif ziviliséiert Sträitgesprécher kënnt féieren. Eng 'literaresch' Iwwersetzung ass net mat enger méi oder wéineger gudder (mä sprocker) 'Dolmetscher-Leeschtung' ze verwieselen! Wann e Moler eng technesch éierbar mä gefillsaarm Copie vun engem gudden Meeschterwierk mécht, da kann een dat séier vergiessen, well et jo eng Flappegkeet vis-à-vis vum Original ass. Literaresch Texter si bal vu kenger Sprooch 100% an en aneren Idiom eran ze kréien, mä wann een dat 'Bannescht' ze pake kritt, déi 'nei' Sprooch zolitt a gewieweg am Grëff huet, dann ass viles méiglech... och fir en Theaterstéck vum Beckett an eis Sprooch ze setzen. Diskussioun doriwwer ass net nëmme erlaabt... mä esouguer gewënscht.

Statistiken

hunn op ville Gebitter e grousser Wert a si sinn och respektabel. Leider weess ower och bal jiddereen, datt plazeweis mat Statistike gefuddelt a jongléiert gëtt, fir dëscht oder dat ze beweisen, **dacks ower dat Falscht, esouguer hiren eegene Contraire**... oder glat näischt.

Statistescht ass et einfach, nozeweise wéivill Auslänner Lëtzebuerg huet, ronn 40%. Falsch ass et ower, **déi alleguer an ee Kuerf mat deenen ze leeën, déi kee Lëtzebuergesch schwätzen**. Mir hunn z. B. ronn 60 000 portugisesch Matbiirger; do kann een dach net 'statistescht' dovun ausgoen, déi giffen alleguer eis Sprooch net schwätzen... wéi ass et da mat hire Kanner?! Verdächtig ass et och, Grenzgänger mat 'résidents' an een Deeg ze mëschen... déi Bakecht geet net op! A wat haalt dir dovun, wa gesot gëtt, **déi meeschtgeschwate Sprooch hei am Land** wier Franséisch?... héchstens vu méindes 8 bis freides 18 Auer, also 40 vun 168 Stonnen, an dann erëm nëmme, wann een all 'Frontalierën' an déi Statistiksommelett schléit, jidder Belsch *pour les besoins de la cause* als 'francophone' verkeeft an d'Leit vun déi Säit der Sauer an der Musel fir Franséischsproocheg unhëlt.

Mir hunn iwwer déi Akrobatik nach en etlech koppeg Spréng ze besprechen, ower dat ass da fir eng aner Kéier. Et geet dach net, datt een sech vu Behauptunge soll fäerdeg maache loossen, déi just eng wëssenschaftlech Bokemailchen ophunn. ■ L.R.

nohältge Feiwierk?

A wou si mir dann?!

Gewëss: et soll net ëmmer nëmme kregéilt a gegrangelt ginn... ower et kënnt ee wierklech net dolaanscht, heiansdo e guttgemengte 'Féngerchen' ze maachen. Eng vun eise jéngsten a schéinste Sproochkreatiounen ass dat sympathesch **FREDEFEIER**, mat deem mir dat drécht däitscht 'Feuerwerk' oder dat sprock Franséisch *feu d'artifice* Beschreiw. Muss dat sinn? A firwat soll dann elo eis richtig laténgesch Aussprooch vun 'Te DEUM' e Franséischen 'Te DÉOM' ginn? Da misste mir jo och vu 'Sanctüs' oder 'Agnüs' schwätzen. Wannechgliift! ■ MV

vum Lex Roth



(PHOTO: TEDDY JAANS)

Ceterum censeo... (14)

Mir hunn eng NATIONALbibliothék, keng 'nationalistescht'; och eisen NATIONALmusee ass keng 'nationalistescht' Saach; de Miseler Wäin an eng ganz Rëtsch Produkter hunn eng NATIONALmark, keng 'nationalistescht'; eist NATIONALlidd, den NATIONALfändel, den NATIONALwopen si mengerwäreg net méi 'nationalistescht' ewéi emblèmes nationaux / nationale Hoheitszeichen an anere Länner! Datselwecht gëllt fir Sproochen.

An eiser (berechtigter an 10 Joer aler) Fuerderung, fir dem Lëtzebuergeschen eng zerguttst Plaz an der Constitioun vum Grand-Duché ze ginn, hate mir am Ufank ouni deen allermannsten Hannergedanken den Ausdrock 'langue nationale' virgeschloen... schlësslech steet deen och esou am Sproochegesetz vun 1984; et ass deemools kee Pipjeswuert dogéint gefall. Well 'national' ower, wéi et schéngt, fir bestëmmte Leit e 'Reizwuert' ginn ass, hu mir äis ouni Féischten och mat der 'langue du Grand-Duché' zefridde ginn... dat kann ewell jiddereen an eiser KLACK 131 klor an esouguer fett gedréckt noliesen. Fir äis war, ass a bleift eppes wichteg: datt d'Lëtzebuergesch seng Plaz an eiser Verfassung kritt!

able, credible, table...

...eagle, bible... an deer Wieder kënnt mir der jo nach honnert bréngen. Kee Mënsch freet sech, firwat déi englesch-sproocheg Leit dee **-ble** e **als -bel** verdréien. Dat gëtt da (phonetescht) 'éibel, credibel, téibel, igel, beibel'. Alt erëm e Beispill dofir, wéi krommenoleg déi englesch Schreifa Liesweis ass... mä et stéisst kee sech drun, dat ass eben esou, et huet ee sech dru gewinnt. Maja. An un d'Lëtzebuergesch?

Do ass se erëm: d'Gewunnecht! Déi rosewéineg mat Logik ze dinn huet, mä mat deem visuelle Verhalt, deer 'Späicher-Kopiermaschinn', déi mir jo alleguer am Kapp hunn. Ëmgedrëint ass et mam Liesen a Schreiw vum eiser Sprooch: Mir hunn äis (nach) net dru gewinnt, besonnesch déi Eeler. Eis jonk Leit an d'Kanner hu vill manner Krämpes mat deer... Gewunnecht. ■ H.M.

eng Schmier oder ee Schmier...

Dat ass eng Fro, déi nëmme ee versteet, dee Lëtzebuergesch kann. Firwat? Mä et ass deer typescher Fäll een, wou et **e germanesche Fong** gëtt, dee mir op eis Fassong 'gediebelt' hunn. Natierlech gläicht et dem Däitschen, och dem Hollänneschen, dem Schwedeschen asw., ower sot emol zu Frankfurt, dir hätt e *gutt Schmier fir op blo Knuppen*; sot zu Dresden, *eng gutt Schmier giff méi bäihale* wéi Schockelasknippercher... dat ass fir d'Leit vun do Chinesesch... obschonn sie d'Verb 'schmieren' an dat Wuert 'Schmiere' hunn.

Mä da bedenkt emol d'Bedeutung an hire Sproochen; déi huet vun bannen a baussen absolut näischt mat eisem Gebrauch ze dinn, deen nun emol 'EISES' ass... an dees EISES fannt dir 1000-fach an deem Buch, dat mir doriwwer erausginn hunn. Dir kritt et an de Bicherbutteker a bei äis selwer; et ass och e wonnerbaren Zäitverdreif fir d'Vakanzwochen... vläicht och fir déi Deeg, wou d'Wieder méi latzeg ass. Huet iech et mat, an da préift dir iech emol selwer, wéivill dir dann dovun op däitsch oder Franséisch iwwersat kritt. Et bréngt méi ewéi jidder 'Rätselheft' oder dee Moudegeck vu 'Sudoku'! ■ P.W.

VAKANZ, VAKANZ!

D'Actioun-Lëtzebuergesch wënscht alle Membren a Frënn zefridde a schéi Summerméint: Mä egal wat dir wëlles huet oder wuer dir gitt (vläicht och op Wolz bei de REENERT). Kaaft iech e puer Saachen an eiser Sprooch. Wann dir Kaarte schreift, dann denkt drun, datt dir déi Sprooch huet, an deer dir och mat äre Frënn doheem schwätzt: Lëtzebuergesch.

Integratioun

Ëmmer méi Leit ginn sech (wëssenschaftlech a politesch) mat deem Begrëff of. Dat ass gutt, ower et ginn dobäi och vill **Klatze laanscht den Dill** gehäit! De Fong vun Integratioun fir auslännesch Matbiirger läit fir d'alleréisch bei äis selwer. Mir därefer net erwaarden, datt déi Leit äis solle méi eescht huele wéi mir äis selwer gesinn.

Wa mir eis Identitéit domm oder iwwerhiefléich (an onheemlech 'intellektuell') op 'Judd mat Gaardebounen, Kachkéis a Bouneschlupp' reduzieren, da mussen mir äis net wonneren, wann déi 'vu baussen eran' äis net weider fir zerguttst huelen. De Fransous identifiziert sech jo och net nëmme iwwer 'foie gras, coup de rouge et Camembert', de Belsch grad esou net iwwer 'steak-frites'. Mir hunn nun emol deen eefällege 'Provënzfrustratiounskomplex', fir äis selwer op den Aarm ze huelen... an ze mengen, da giffen 'déi aner' äis méi verstänneg kucken. Vergiesst dat, an denkt emol roueg e bësse méi houfreg iwwer eist Land:

Dat ass net méi 'Zoufall vun der Geschicht' ewéi anerer (z. B. Belsch, Italien, Däitschland)... et sief dann, et kennt een näischt vu Geschicht! Lëtzebuerg huet an de leschten 150 Joer prozentual x-mol méi Leit aus anere Länner Aarbecht an eng nei Heemecht verschafft wéi egal watfir en europäesch Land! Mir hunn a schwéieren Zäite fir eis Fräiheet mat Blut a Leed riichtgestan! Eis Sproochsituatioun ass (trotz allen Diskussiounen) beiwäitem déi intressant vun de 27 Länner aus der EU!... a mir hunn eng eege Sprooch, mat enger jonker mä valabeler a ganz lieweger Literatur. Wien sech bei äis integréiert, kann dat roueg mat senger Eegenart verbannen. Mir selwer deelen esouguer gär e Stéck dovun mat him! ■ AL